# GËFF EN DEEL VUM BENU TEAM!

## ENCADRANT:E TECHNIQUE (CDI) (M/W/D)

## IWWERT BENU

BENU baut den éischte regionalen EcoVillage (BENU VILLAGE). E Projet am Kader vun der sozio-ekologescher Kreeslafwirtschaft. Alles UpCycling. Alles lokal. Alles sozial verantwortlech. Alles ekologesch exzellent. Alles BENU.

## IWWERT DECH

**Du wäers:**

- Verantwortlech sinn fir d'logistesch Gestioun vum BENU Material. D'Material steet op ënnerschiddleche Lagerplaze. Déi gi vun Dir an der Ekipp mat op mannst enger.m weidere.r Mataarbechter.in geréiert an optimiséiert. Zum Material am méi weide Sënn gehéieren och all Verbrauchsmaterialien an de BENU Atelieren, fir déi s Du e Service Provider bass.
- Plangen, organiséieren an déi logistesch Operatiounen am BENU REUSE Kontext managen mat der Aufgab fir Qualitéitsobjekter ronderëm Lëtzebuerg ze transportéieren. Heizou gehéiert d'Op- an Ofbaue vu Saachen, déi bei de Leit oder a Firme stinn. Déi Saache gi propper a sécher transportéiert vun Dir an der Ekipp.
- D'Verantwortung hunn fir d'Gestioun vun engem klengen Team. Beim BENU hu mer keng Chef.inn.en, mee Coordinatricen.euren, déi sech gläichberechtegt ëm hir Ekipp këmmeren.

**Den/Déi ideal:e Kandidat:in:**

- Huet e strukturéierte Sënn vun der Organisatioun an ass koherent an zouverléisseg.
- Huet d'Fäegkeet fir mat onerwaarten Ëmstänn an Materialien ëmzegoen.
- Huet gutt sozial a mëndlech Kommunikatiounsfäegkeeten mam Personal a mat de Clienten. Héiflechkeet a Respekt si wichteg Kalitéiten!
- Huet Wëssen iwwer an Interessi un de BENU Wäerter.
- Wësse vu Lëtzebuergesch (niv.C), Franséisch (niv.C) an Englesch (niv.B) ass néideg, Däitsch an Italienesch ass e Virdeel.
- **Wichteg: huet e Führerschäin a fillt sech wuel mat enger Camionnette ze fueren!**

## BEWERB DECH!

**Du bass interesséiert?**

Da mell Dech bis de 15. Abrëll 2022 mat Dengem CV an engem Motivatiounsschreiwes op:

*jobs@benuvillageesch.lu*



## KONTAKT

BENU Village Esch asbl.

51, rue d'Audun Esch-sur-Alzette

+352 2791 1949

www.benu.lu